N°7874
Entrée le 06.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.04.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Abrëll 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Joer 2021 goufen zu Lëtzebuerg 8078 GWh-Gas verbraucht, wouvunner 31 Prozent op déi privat Stéit, 62 Prozent op d'Industrie a sechs Prozent op d'Stroumproduktioun entfall sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich de Gasverbrauch zu Lëtzebuerg 2022 insgesamt louch? Falls et zu enger Reduktioun géintiwwer 2021 koum, kann den Här Minister da matdeelen, wéi déi entspriechend Aspuerunge sech op déi eenzel Secteure verdeelen?
2) Falls de Gasverbrauch an der Industrie erofgaangen ass, kann den Här Minister preziséieren, wéi wäit dës Aspuerungen op technologesche Fortschrëtt zeréckzeféiere sinn a wéi wäit d'Betriber d'Produktioun agestallt hunn, well et net méi rentabel ass?
3) Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, ob hien en allgemenge Réckgang vun der Industrieproduktioun als éischter virdeel- oder nodeeleg fir d'Lëtzebuerger Land bewäert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

***ADR – Groupe parlementaire*** ***25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg*** ***Tel. : (+ 352) 463742***